TUX.lu a.s.b.l.

23.10.2008

Open-Source Software fir all Dag

Wat kategoriséiert eigentleg fräi (=open-source)Software?

- D'Fräiheet, fir eng Software zu egal wéi engem Zweck anzesetzen.
- D'Fräiheet d'Software sammt hirem Source-Code ze studéieren.
- D'Fräiheet d'Software un anerer virun ze ginn an deenen domatt ze hëllefen.
- D'Fräiheet d'Software ze verbesseren an eege Versiounen dovun ze publizéieren.

Büro Software ⇨ OpenOffice *(Windows, Linux & Mac)*

Den OpenOffice ass den fräien Pendant zum Microsoft Office. An him enthalen ass esouwuel eng Textveraarbechtung (Writer), eng Tabellekalkulatioun (Calc), eng Datebank (Base), en Präsentatiounssoftware (Presenter) wéi och en vectoriellen Zeechprogramm (Draw).

http://www.openoffice.org

Browser ⇨ Firefox *(Windows, Linux & Mac)*

De Firefox ass de grousse Rival vum Microsoft Internet Explorer. Nieft den normalen Avantagen vun Open-Source Software, huet de Firefox natierlech och nach deen een oder aneren Feature, deen aner Browser net hunn.

http://www.getfirefox.com

Mail ⇨ Thunderbird *(Windows, Linux & Mac)*

De Thunderbird, den am Fong zur Mozilla-Suite gehéiert, ass entre-temps zu engem multifunktionellen Kommunikationstool erugewues an huet seng sécher Plaatz ënnert den Top-Email-Programmer niewend kommerzielle Varianten wéi Microsoft Outlook (Express), Eudora a Apple Mail.

http://www.getthunderbird.com

FTP Client ⇨ Filezilla *(Windows, Linux & Mac)*

FTP Clients ginn et natierlech vill an eng gutt Rei sinn der och gratis. De Filezilla stëcht awer net nëmmen duerch seng einfach Handhabung eraus, mee och duerch déi divers Transfertprotokoller déi hien ënnerstëtzt.

http://www.filezilla.org

Packer ⇨ 7-Zip *(Windows, Linux & Mac)*

Et ginn natierlech e ganze Koup aner Packer, dovunner och deen een oder aneren deen näischt kascht. de 7-Zip zeechent sech awer och duerch säin „7z"-Format aus, bei deem d'Kompressioun nach e Stéck besser ass wéi bei soss engem Format. Natierlech kann de 7-Zip och mat all deenen anere Formater emgoen.

http://www.7zip.org